Äntwert vum Här Felix Braz, Justizminister, op déi parlamentarësch Fro n°493 vum 12. März 2019, vum honorablen Députéierten Sven Clement

- De Regierungsprogramm 2018 – 2023, Säit 20, gesäit d'Révisioun vun der Verjährungsfrist vun de Strofdoten folgendermoosse vir:

  « L'ensemble des délais de prescription devront être évalués et redéfinis dans un cadre cohérent. L'opportunité de supprimer certains délais de prescription sera étudiée dans ce contexte.

  Il sera introduit une procédure d'information à l'attention des victimes et/ou auteurs d'une infraction en cas de prescription de l'affaire les concernant. »

  Et gëtt also eng Analyse gemaach, woubäi gekuckt gëtt, wéi eng législatif Mesuren wärten an deem Beräich geholl ginn.

- Déi häislech Gewalt ass duerch d'Gesetz vum 8. September 2003 légiféréiert, an duerch divers Artikelen am Code pénal:

  - Artikel 348, 349 an 352 Code pénal (avortement forcé)
  - Artikelen 372 an 375 Code pénal (viol et attentat à la pudeur)
  - Artikel 389 Code pénal (mariage forcé)
  - Artikel 398 bis 409 Code pénal (violence physique)
  - Artikel 439, al. 2 an al.4 Code pénal
  - Artikel 442-2 Code pénal (harcèlement)

- Déi psychesch Gewalt ass strofbar, an zwar duerch folgend Artikelen:
  - Déi psychesch Gewalt am Stot kann d'Expulsioun vum Auteur ausléisen, dëst am Kader vum Gesetz vum 8. September 2003 iwwer d'häislech Gewalt, a Relatioun mam Artikel 439, al. 2 an al.4 vum Code pénal
  - Artikel 136*ter* vum Code pénal (crime contre l'humanité)
  - Artikelen 260-1 bis 260-4 vum Code pénal (actes de torture, traitement inhumain et dégradant)
  - Artikelen 327 bis 330-1 (menaces par gestes ou emblèmes/ menaces verbales par écrit)
  - Artikel 371-1 vum Code pénal (non-représentation de l'enfant)
  - Artikel 391*bis* vum Code pénal (abandon de famille)
  - Artikel 442-2 vum Code pénal (harcèlement)
  - Artikel 443 vum Code pénal (diffamation ou calomnie)

- Artikel 448 vum Code pénal (injure délit)
- Artikel 561 vum Code pénal (injure-contravention)
- Artikelen 563 an 564 vum Code pénal (voies de fait ou violences légères)

- D'Zuel vun de Plainten, déi an de leschte Joeren bei der Police agaangen sinn, sinn folgend:

  2016: 106 Plainten
  2017: 84 Plainten
  2018: 76 Plainten

  D'Zuel huet an de leschten Joeren ofgeholl, allerdings muss een dovunner ausgoen, dass net all Victime Plainte féiert.